ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An senger Ausgab vum 20. Juli schreift d'Zeitung „paperjam" dat déi Firma déi soll „ Jogurtfabrik" opmaachen schonns am Mäi t'lescht Joer 15 Hektar Terrain vum Staat kaaft hätt, déi an der nationaler Aktivitéitszone „ Wolser" leit op dem Terrain vun de Gemengen Beetebuerg an Diddeleng.

An deem Kontext wollt ech vun him wëssen :

Stemmt des Neiegkeet a wa jo, zu wat fir engem Preis krut d'Firma FARGE dësen Terrain vum Staat verkaaft ?

Ass et net onüblech dat de Staat esou Terrainen verkeeft ? Wéi vill Terrainen huet hien aneren Firmen nëmmen op " bail emphythéotique" verlount a wéi vill der verkaaft an deenen leschten 5 Joer ?

Ass et net zumindest verwonnerlech dat den Terrain schonns verkaaft gëtt wou nach guer net fest steet dat déi Firma eng Geneemegung fir déi Fabrik krit déi se geplangt huet an déi jo ferme an der Kritik steet wéinst hirer gerénger "plus-value" fir eist Land gekoppelt mat engem enormen Waasserverbrauch ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten